



épouse Kemp), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Laurent Mosar (par M. Emile Eicher), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass eeben déi Motioun, déi eng acceleréiert Investitiounspolitik verlaangt.

## Vote sur la motion 2

De Vott fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An dës Kéier schéngt et méi kloer ze sinn: D'Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Da kënne mer gläich zur Motioun Nummer 3 kommen.

## Vote sur la motion 3

De Vott fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Och dës Motioun ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Viviane Reding), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty

Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Mir kommen zur Motioun Nummer 4.

## Vote sur la motion 4

De Vott fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och d'Motioun Nummer 4 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Viviane Reding), M. Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

## 13. 7403 - Projet de loi

### portant création de l'Office national de l'accueil (ONA) et portant modification de :

#### 1° la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil ;

#### 2° la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg ;

#### 3° la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire

Eisen nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi Nummer 7403 iwwert d'Schafe vum Office national de l'accueil. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Marc Angel, den Här Charles Margue, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum, den Här Marc Goergen. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. 2015 war den Héichpunkt vun der sougenannter Flüchtlingskris. Den OLAI, also den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, ass zu där Zäit mat besonnesch villen DPlen, also Demandeurs de protection internationale, konfrontéiert ginn. Et sollt een allerdéngs net vergiessen, dass och elo, véier Joer duerno, Mënschen nach ëmmer ënner deels liewensgefäerleche Konditiounen de Wee iwwert d'Mëttelmier op sech huelen, fir hei an Europa Sécherheet an eng Zukunftsperspektiv ze fannen.

Am Aktivitéitsrapport vun 2018 gëtt festgehalten, dass d'Direction de l'immigration d'lescht Joer 2.205 Asyldemande krut. Den OLAI huet am selwechte Joer 3.428 Leit a senge Strukturen opgehol. Dat sinn der méi wéi 2015 an et ënnersträicht, wéi wichteg et ass, fir den Accueil an d'Integratioun vun Asyldemandeuren esou effikass wéi méiglech ze organiséieren.

(Interruption)

Den Accueil vun deene Leit muss dobäi méiglechst mënschewurdeg iwwert d'Bün goen. Esou ass et och am Koalitiounsaccord festgehalten. Mee de System ass iwwerfuert. D'Prozeduren daueren ze laang, heiansdo iwwer 21 Méint. Dat féiert dozou, dass d'DPlen oft vill méi laang an den Aariichtunge vum OLAI bleiwe mussen. D'Personal vum OLAI ass dowéinst tëscht 2015 an 2018 vu 70 op 133 Persounen eropgesat ginn, gouf also bal verduebelt. Trotzdeem si Verbesserungen onbedéngt néideg.

A genee dat soll mat deem Gesetzestext geschéien, andeems den OLAI duerch den neien Office national de l'accueil, kuerz den ONA, ersat gëtt. Dem OLAI seng Kompetenze ginn heibäi op déi zwee concernéiert Ministèren, nämlech den Ausseministère an de Familljen- an Integratiounsministère, opgedeelt.

Eng ëmfaassend Reform vum OLAI war d'Konklusioun vun enger Analys, déi de Familljeminstère 2014 an Opdrag ginn huet. Déi administrativ Reorganisatioun soll den Oflaf vun den Asyldemande vereinfachen, andeems just nach eng Kontaktpersoun fir e Flüchtling zoustänneg ass, déi dem Minister fir Immigration an Asyl ënnerstellt ass.

Engem DPI eng eenzeg Kontaktpersoun zouzeweisen, dréit zu méi Mënschlechkeet am System bäi. Dat ass wichteg, well d'Asylprozedure laangwierig an ermiddend kënne sinn, virun allem fir Leit, déi alles verluer hunn a sech mussen an der Friemd erëmfannen.

Här President, d'Aféiere vum ONA soll zu dräi gréissere Verbesserungen am Opnameprozess bäidroen: zu der Erhéijung vun der Capacitéit a vun der Qualitéit vun den Ennerbréngungsméiglechkeeten, op där anerer Säit zur Aariichtung vu Strukture fir den Encadrement vu Persounen, déi e spezifesch Schutz brauchen, wéi zum Beispill onbegleet Mannerjäreger, an zu gudder Lescht zu enger gréisserer Autonomie vun den DPlen.

Mee och wann den ONA sech selwer net méi mat der Integratioun vun de Migrant befaasse wäert, esou heescht dat awer net, dass dese wichtege Aspekt vernoléisseg gëtt, ganz am Géigendeel. An engem Land mat bal 50 % Netlëtzebuurger ka sech de Familljen- an Integratiounsministère elo ganz op dese wichtege Beräich konzentrieren. Bei der Integratioun ass d'Hauptzil, fir de Plan d'action national d'intégration ëmzesetzen. Dozou gehéieren e begleeten Integratiounsparcours, d'Upasse vum Contrat d'accueil et d'intégration un d'Besoin vun de Leit an eng zefriddestellend Offer u Sproochecoursen.

Nieft de Responsabilitéite beim Logement a beim Encadrement vun den DPlen kritt den ONA och d'Kompetenz, fir punktuell finanziell Hëllef u Mënschen aus Drëttstaten ze accordéieren, déi keen Urecht op eng aner Hëllef oder soss Allocatiounen hunn. Déi finanziell Ennerstëtzung muss duerch déi familiär, humanitär oder gesondheetlech Situatioun begrënt sinn, zum Beispill fir d'Bezuele vun Dokteschrechnungen, vu Schoulmaterial oder vun Hygiënesartikelen.

De Gesetzestext gesäit och vir, dass d'Regierung Subsiden oder finanziell Bedeelegungen un d'Gemengen oder d'Organisme fir spezifesch Projeten ausbezuere kann, fir esou den Accueil vun Asyldemandeure sécherstellen, natierlech nëmmen esou wäit, wéi d'Budgeten et erlaben.

D'lescht Woch ass de Budget 2020 hei an der Pleniëre deponéiert ginn. Dowéinst wëll ech dann och kuerz op déi positiv Entwécklung am Beräich vum Accueil a vun der Integratioun agoen. Hei ass de Budget nämlech verduebelt ginn. An Zuelen ausgedréckt heescht dat, dass 500.000 Euro Subside fir Projete vun effentlechen Aariichtungen aus dem kommunalen an interkommunalen an aus dem regionale Sec-teur ageplangt sinn.

Selbstverständlech mussen och verschidde Konditiounen bei deene Subsiden erfüllt ginn. Fir ee Projet dierfen net méi wéi 100.000 Euro respektiv net méi wéi 75 % vun de Gesamtkäschten ausbezuelet ginn. Virun der Ëmsetzung vum Projet muss eng Demande mat enger Estimatioun vun de Gesamtkäschte beim Ministère agereecht ginn. A schlussendlech muss de Beneficiaire och derfir suergen, dass e Suivi an eng Evaluatioun vum Projet gemaach ginn.

Weider muss eng Konventioun tëscht dem Empfänger vun de Subsiden an dem Stat ënnerschriwwen ginn. Hei mussen d'Leeschungen vum Beneficiaire, den Typ vun de finanziellen Hëllef an d'Modalitéite vun der Kooperatioun definéiert sinn. D'Gestioun ënnerläit eleng der Responsabilitéit vum Beneficiaire. D'Subside vum Stat muss fir Ausgabe benotzt ginn, déi d'Realisatioun vum Projet sécherstellen. Domadder sinn zum Beispill d'Personalkäschte gemengt oder d'Frais fir den Entretien an d'Gestioun vu Gebäier oder fir aner Leeschtungen, déi de Beneficiaire ubitt.

Här President, ech wëll hei allen Akteure Merci soen, déi ons hir Avisen zum Gesetzesprojet eraginn hunn. Den Opposition-formelle vum Statsrot, déi sech op déi finanziell Ennerstëtzung duerch de Stat bezunn hunn, ass mat den Amendementer Rechnung gedroe ginn. Engersäits gouf en Artikel, deem am Widder-sproch zum Artikel 99 vun der Verfassung stoung, gestrach. Anerersäits ass e Kader am Gesetzesprojet definéiert ginn, dee festleet, wéini finanziell Hëllef kënne ugefrot ginn an och wéi héich se kënne sinn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis déi grouss Virdeeler ervirgehewen, déi d'Reform vum OLAI wäert mat sech bréngen. Dat betrëfft zum Beispill d'Zesummeleë vu Mëttele, eng vereinfacht intern Zesummenaarbecht an eng méi effikass Organisatioun.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, léif Kollegeen a Kolleginnen, dese Gesetzesprojet ass méi wéi eng administrativ Reform. E verbessert a vereinfacht net nëmmen d'Aarbecht vum Personal, et geet hei virun allem, an dat däreer een net vergiessen, ëm d'Dignitéit vun de Mënschen, déi ëm Hëllef froen. Meng Fraktioun vun der DP gëtt dowéinst heimadder hiren Accord zu deem Gesetzesprojet.

Des Weideren, Här President, reechen ech eng Motioun eran, déi vun alle Fraktiounen a Sensibilitäten ënnerstëtzt gëtt, eng Motioun mam But, d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert den Accueil an d'Integratioun vun den Ausländer ze reforméieren.

Mir proposéieren dofir, eng Consultatioun ze organiséieren, déi sech un d'Akteuren op kommunalem Niveau, d'Organisationen vum Terrain, déi lëtzebuergesch an net lëtzebuergesch Bevëlkerung an d'immigriert Frontaliere rücht. D'Resultater vun deser Consultatioun sollen dann an d'Reform matafléissen.

## Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que la nouvelle répartition des attributions ministérielles au sein du Gouvernement implique une réorganisation de l'Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration (OLAI) ;*

- *constatant qu'un nouveau département « Intégration » devra être créé au sein du Ministère de la Famille, ce qui pourra donner une impulsion aux politiques pour un meilleur vivre ensemble ;*

- *rappelant l'accord gouvernemental, qui, dans son chapitre sur l'intégration, stipule que « la loi du 16 décembre 2008 concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg ainsi que les règlements grand-ducaux liés seront réformés afin de permettre d'adapter le cadre légal et réglementaire aux missions actuelles de l'OLAI » ;*

- *considérant que depuis 2008 la composition de la population au Luxembourg a fortement évoluée créant de nouveaux défis en matière d'intégration ;*

- *reconnaissant que la définition du cadre pour un vivre ensemble harmonieux doit être une priorité pour le Luxembourg dans son ensemble,*

invite le Gouvernement

- *à entamer d'emblée une réforme fondamentale de la loi du 16 décembre 2008 concernant l'accueil et l'intégration des étrangers en organisant une large consultation des acteurs communaux, des organisations œuvrant sur le terrain et des populations luxembourgeoise et non luxembourgeoise ainsi que des travailleurs immigrés frontaliers, permettant d'aboutir à une réforme de la loi de 2008.*

(s.) Max Hahn, Marc Angel, Marc Baum, Paul Galles, Marc Goergen, Fernand Kartheiser, Charles Margue.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Paul Galles (CSV).**- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Madamm Ministesch, ech soe mengem Virriedner, dem Rapporteur Max Hahn, villmools Merci fir dee ganz ausféierleche Rapport zu deem Projet an och fir d'Zesummenaarbecht bei eiser gemeinsamer Motioun.

En huet schonn am Detail ganz viles erkläert. Ech wäert lech et erspueren, dat nach eng Kéier ze widerhuelen. Ganz viles vun deem, wat e gesot huet, wësse mer alleguerten. A mir fannen et wichteg, wat hei an deem Projet gestëmmt gëtt.





Ech wëll mech einfach op déi grouss Linne beschränken an op e puer grondsätzlech Gedanken zu dësem Theema. Mir reorganisieren haut also den OLAI, den Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration, a kreesen gläichzäiteg eng nei Cellule, den ONA, Office national de l'accueil.

Mam ONA geet de Volet vum Accueil eriwuer an den Ausseministère ënnert d'Kompetenze vum Immigratiouns- an Asylsministère. De Volet Integratioun gëtt elo an Zukunft integral vum Familljeministère iwwerholl. Dës administrativ nei Opdeelung soll et erméiglechen, am Accueil d'Capacitéit an d'Qualitéit vun den Opfankstrukturen ze erhéijen, déi néideg adequat Strukturen ze kreéieren, fir den Encadrement vu Leit, déi eng speziell Protektioun brauchen, ze assureieren, an dëst gëllt besonnesch fir Mannerjäreger. An drëttens soll dës nei Opdeelung och déi néideg Mesuren en place setzen, fir de Refugiéen eng méi grouss Autonomie kennen anzeräumen.

Do dernieft begreisse mir ganz staark, dass den nationalen Aktionsplang fir Integratioun, de PAN, elo ëmgesat soll ginn. Mir haten an der Chamberskommissioun eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht an dofir wëll ech och alle Kolleginnen a Kollege villmools Merci soen, dass mer do konnten oppen a ganz konstruktiv mateneen diskutieren an och gemeinsam Lösungen do sichen, wou Problemer sech opgedoen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begreisse grondsätzlech alles, wat hëllef, fir déi immens komplex Situatioun vun de Mënschen, déi bei eis kommen, eescht ze huelen a se würdeg ze encadréieren a fir dat immens komplex Zesummespill vun Immigratioun, Accueil, Integratioun an Travail besser openaner ofzestëmmen. Well hannen um Enn geet et jo net drëms, fir eppes mathematesch vunenaner ze trennen, mee et geet ëmmer hannen um Enn ëm genau déiselwecht Mënschen. Mir mussen alles drusetzen, fir dass dës Mënschen, déi souwiesou schonn an enger multipel prekärer Situatioun sinn, net an engem administrativen Dschungel ënnerginn, wa se vun deem enge bei deen anere geschéckt géife ginn an hannen um Enn guer net méi wësst, u wie se sech sollen halen.

Hei maache mer e Schrëtt an déi richteg Richtung, andeems mer Kompetenze kloer definéieren an och vunenaner ofgrenzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer, ee kleng Moment vu menger kuerzer Riedezäit ze notze fir eng méi grondsätzlech Reflexioun, grad well et ëm eppes ganz Komplexes geet, ëm komplex Liewenssituatiounen an ëm ganz komplex Strukturen, a well et dofir tatsächlech net ëmmer einfach ass, den Iwwerbléck an deem ganzen Theema ze behalen, a well dann heiansdo Ursaach a Wierkung, Ausléiser a Konsequenz matenee verwiesselt ginn, duerjernee geroden oder ënnerschiddlech interpretéiert ginn.

Dat hei ass näamlech e Gesetzesprojet, deen eis och dorun erënnert, dass et Mënsche gëtt, déi bei eis kommen, well se eis brauchen a well se dat brauchen, wat mir verkierperen: eis Wäerter, eis Prinzipien, eis Rechtsstaatlechkeet, eis Presenz.

An ech si mer sécher, dass keen heibannen an dësem Raum ass, dee jeemools géif eng Lanz brieche fir d'Perfidie vun deene Mënschen, déi d'Situatioun vun anere Mënsche géifen ausnotzen, déi géife vum Leed vun anere Mënsche profitéieren. Ech si mer sécher, dass keen heibannen ass, dee géif op der Säit stoe vun deene Leit, déi mer als Mënschenhändler, als Terroristen oder Schleiser bezeichnen. Well grad si dat verkierperen, wat mir Profitéieren, Mëssbrauch vu Wärd, Ausnotze vu Leed, jo vläicht souguer „dat Béist“ nennen, mussen mir dach genau de Contraire sinn: dat Gutt héichhalen, d'Wärd verteidege mat kloer Prinzipien a Reegelen, natierlech a virun allem mat kloer Wäerter a mat vill Respekt a Sensibilitéit fir dat, wat aner Mënschen erlieft hunn an hirem Liewen.

Mir mussen anescht sinn, a wann ech esou soen däerf, mir mussen dat verkierperen, wat ee kann „dat Gutt“ nennen, souwäit wéi dat eis méiglech ass. An natierlech besteet dann d'Angscht, dass vun eis profitéiert gëtt, dass Mënschen eis beléien, dass Mënschen eis ausnotzen. An héchstwahrscheinlech hu mer dat allequerte schonn iergendwou an iergendwann eng Kéier erlieft a mir hu verstanen, dass aner Mënschen dat kennen ausnotzen, wa mir wëlle gutt zu hinne sinn.

Ech fannen, dass et wichteg ass, dass mer grad an deene Momenter eis drun erënneren, dass mir anescht wëlle reagieren, dass mer op der Säit vun deene stinn, déi eis brauchen, dass mer versichen, gutt ze bleiwen, eis Wäerter weider ze liewen, d'Chancen ze gesinn an net Angscht ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess et aus eegener Erfahrung, dass dëst Theema, ëm dat et hei bei dësem Gesetzesprojet geet, ëmmer erëm ka beluecht si mat engem gewëssene Verdacht, mat enger Angscht, mat enger Onsécherheet. Ech hu selwer dräi Prinzipien en cours de route vun deene leschte Jore geléiert:

Den éischte Prinzip ass, kloer Reegelen ze hunn, well dat gëtt Sécherheet. A wie profitéiert, deen hält jo och engem eppes ewech, deen e Recht huet op Schutz. Kloer Reegelen!

Dat Zweet ass, nimools, awer wierklech nimools e Generalverdacht ze hu vis-à-vis vu Mënschen, mee vill méi ganz vill Respekt, ganz vill Nolauschteren, ganz vill versichen ze verstoen, ganz vill Opmierksamkeet, ob et deene verletzte Mënschen och wierklech gutt geet.

An dat Drëtt ass ee ganz kloer Grondprinzip: d'Wärd vun all Mënsch, Är, meng an och hir.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. Den Här Kartheiser wëllt lech eng Fro stellen. Här Kartheiser, wannech gelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Merci, Här President. An och Merci un den Här Galles. Ech sinn dach déif beweegt, no Äre Wieder. Ech wollt lech just froen: An Ärer Perspektiv op dës Flüchtlingssituatioun, déi mer am Land hunn, gëtt et dann Ärer Meenung no iergendwou eng Grenz an der Capacitéit, déi mir hunn, fir Leit opzehuelen? Soll et esou eng Grenz ginn? A wa jo, wou wär déi?

Wéi géift Dir elo a realistesch Termen all déi gutt Intentionen iwwersetzen, déi Der eis hei duergeluecht hutt? Gëtt et eng Grenz? A wa jo, wou läit déi?

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Galles.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Dir kritt d'Riedezäit vun der ADR derbäi.

► **M. Paul Galles** (*CSV*).- Jo, Merci.

(*Hilarité*)

Merci villmools, Här Kartheiser. Dat ass eng ganz interessant a ganz wichteg Fro, well et ass jo eng Fro, an där sech ganz vill Kontroversen entzönt. An ech fannen et ganz schwier, eng Uewergrenz festzeleeën. Ech géif mech dofir selwer ni trauen, esou eng Uewergrenz festzeleeën, well ech mengen, dass an all Situatioun all Mënsch ëmmer muss eenzel betruecht ginn. A wann e Mënsch géif duerch eist Netz duerrutschen, well mir eng Uewergrenz definéiert hunn, da géife mer engem Mënsch Onrecht dinn. Dat ass elo eng relativ allgemeng Äntwert. Mee ech mengen, dat ass awer déi Äntwert, déi ech lech muss ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (*LSAP*).- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur an dem President vun der Familljen- an Integratiounskommissioun, dem Max Hahn, Merci soe fir säi gudden schréfflechen a mëndlechen Rapport. An ech wëll drun erënneren, dass am LSAP-Wahlprogramm vun 2018 ganz kloer stoung, dass mir fir eng Bündelung vu sämtlechen Kompetenzen a Saachen Asyl an Immigratioun an engem Ministère stinn, allerdéngs mat getrennte Verwaltungen oder Direktiounen.

Mir freeën ons, dass dat an de Regierungsprogramm iwwerholl gouf an dass mer mat deem Projet de loi vun haut och dat ëmsetzen. Dofir kann ech lech och elo direkt am Ufank vu menger Interventioun den Accord vun der LSAP zu dësem Projet ginn.

D'Schafe vum Office national de l'accueil, also dem ONA, an d'Abannen an den Immigratiounsministère erméiglechen, mengen ech, eng vill besser Koordination a Kollaboratioun zwëschen den eenzelne Verwaltungen oder Servicer, déi fir Refugiéen zoustänneg sinn.

Och ass et wichteg ze ënnersträichen, dass heiderch virun allem d'Liewe vun den Demandeurs de protection internationale méi einfach gëtt, andeem si sech an Zukunft nëmmen nach un een eenzege Ministère riichte mussen, an dat egal ob et sech dobäi ëm den Traitement vun enger Asyldemande handelt oder ëm d'Beitriewung an d'Ennerbréngung an de Wunnstrukturen.

Dëst Gesetz vun haut erlaabt also d'Opsplécke vum fréieren OLAI: Mir maachen also op där enger Säit den ONA, wéi scho gesot ginn ass, an op där anerer Säit kreesen mer en neit Departement „Integratioun“ am Familljeministère.

Integratioun ass an engem Land wéi Lëtzebuerg eng enorm wichteg Erausforderung. An domat mengen ech net nëmmen d'Integratioun - déi wichteg ass - vun den Demandeurs de protection internationale an och vun de Bénéficiaires de protection internationale, mee d'Integratioun vun de bal 48 % Netlëtzeburger, mat deene mer hei am Land zesumme liewen a schaffen. A fir d'LSAP ass et hei wichteg, dass kee Mënsch an onsem Land op der Streck bleift, keen ausgegrenzt gëtt beziungsweis diskriminéiert gëtt. Fir ons gëllt de Prinzip, dass d'Solidaritéit dat Fundament ass, dat eng multikulturell Gesellschaft verbënnt an zesummenhält.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den OLAI huet säit 2008 eng exzellente Aarbecht gemaach an natierlech war duerch dee massiven Afflux vun de Refugiéen 2015 immens vill Energie op den Accueil vun de Flüchtlinge gesat ginn. An ech wëll drun erënneren, dass hei de Ministère de la Famille, den OLAI, den Ausseminister, awer och d'Gemengen an d'Zivilgesellschaft, ouni déi mer et net gepackt hätten, zesummen eng formidabel Aarbecht gemaach hunn. An dat solle mer net vergiessen.

De Fait, dass mer awer elo den OLAI opdeelen, huet domat ze dinn, wéi ech virdu gesot hunn, dass d'DP'en nëmmen nach ee Ministère als Interlocuteur hunn, mee awer och, dass d'Efforten am Beräich vun der Integratioun am Familljeministère ausgebaut a verstärkt kënnen ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass duerch dës Stärkung vum Département „Integratioun“ am Ministère de la Famille déi wichteg Zesummenaarbecht am Domän Integratioun zwëschen enger ganzer Rei Ministèreen nach verbessert gëtt.

Fir d'LSAP ass dat esou wichteg, well an onsen Aen Integratioun iwwer Sprooch, Bildung, Formation, Beschäftegung, Kultur, Benevolat a Participatioun um gesellschaftlechen an um politesche Liewe geschitt. An dat neit Département „Integratioun“ an och de Comité interministériel fir d'Integratioun sti viru groussen Erausforderungen. Mee ech mengen, zur Integratioun kann ech herno nach e puer Wieder soen, wa mer zur Motioun schwätzen.

Mee och deen nei geschafenen ONA huet grouss Defie viru sech. Wéi et am Regierungsprogramm steet, mussen d'Capacités d'accueil eropgesat ginn an zousätzlech muss och d'Qualitéit verbessert ginn. A bei der Qualitéit geet et haaptsächlech ëm Hygiènes-, Salubritéits- a Sécherheetskriterien, déi mussen agehale ginn. Doniewert, rappelléieren ech, steet am Regierungsprogramm, dass mer wëllen all déi Strukture mat enger Kichen ausstatten, fir dass d'Leit sech selwer kënnen kachen an net do mussen zerwéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer eng Remark zur quantitativer Verbesserung, dat heescht, mir brauche méi Structures d'accueil, an dozou wëll ech eppes soen. Dir wësst jo, dass d'Regierung decidéiert huet, méi kleng Strukturen iwwert d'Land ze verdeelen. A rezent hunn d'Innenministesch Taina Bofferding an den Aussen- an Immigratiounsminister Jean Asselborn sech per Brëif un ons Gemenge gerichtet a si gefrot, zéng Ar zur Verfügung ze stellen, fir dorop mat Hëllef vu Bâtiments publics modular Strukturen opzeriichten, an deene bis zu 30 Persounen ënnerbruecht kënnen ginn. D'Responsabilitéit vun de Gemengen ass also enorm wichteg. Haut existéiere 57 Strukture fir Refugiéen an onsem Land, an dat nëmmen op 33 Gemenge verdeelt. Dat heescht, vun 102 Gemenge sinn der nach vill, déi do hëllef kënnen.

Deen neien ONA ass also och ugewisen op eng gudd Kooperatioun mam Gemengesector. Stat a Gemenge kënnen den Accueil vun de Refugiéen awer net eleng meeschten. Dofir ass an Zukunft och den ONA verpflichtet, ganz enk mat den Organisatiounen vun der Zivilgesellschaft zesummenzeschaffen.

Wann den ONA elo op de Bee steet, ass et wichteg, dass d'ausespolitesch Commissioun, déi jo den Asyl an hire Kompetenzen huet, am Fréijoer 2020 den Direkter vum ONA an de Minister Jean Asselborn an d'Kommissioun ruff, fir iwwert d'Ëmsetzung vun de Projeten a Mesuren aus dem Regierungsprogramm ze informéieren.

Fir d'Département „Integratioun“ am Familljeministère ass d'Weiderentwéckele vun deenen dräi Etappe vum Parcours d'intégration accompagné, PIA, ganz wichteg, well den Diagnostic individualisé soll et erlaben, ganz fréi d'Kompetenzen an d'Besoinen vun de Refugiéen ze identifizéieren an hinne vun do aus eng Begleitung ze ginn, Mesuren, Stagen, Travail-communautaires a Formationen ze proposéieren. Dëst ass wichteg fir d'Autonomiséierung an d'Responsabiliséierung vun de Flüchtlingen.

Zum Schluss: D'LSAP wäert d'Ëmsetzung vun dësen Mesuren am A behalen, begleeden an ënnerstëtzen. Den Accueil vun de Flüchtlingen

engersäits, d'Integratioun vun den auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger anerersäits sinn essenziell fir den Zesammenhalt vun onser Gesellschaft.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Angel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Och vu mir aus en häerzlechen Merci un de Max Hahn fir säi schréfflechen a mëndlechen Rapport an och, wéi de Paul Galles et schonn elo grad gesot huet, fir déi gudd Zesummenaarbecht, déi mer an der Commissioun haten, wéi mer de Projet virbereet hunn, fir dass mer elo zu engem Gesetz kommen, wat allgemeng eng breet Majoritéit hei wäert fannen. Dovu sinn ech iwwerzeegt.

Wéi scho vu menge Virriedner explizéiert, gëtt mat dësem Projet de loi den ONA kreesiert, deen den OLAI ersetzt, an dat an alle Beräicher, déi net d'Integratioun sinn. Den ONA iwwerhëlt also déi wichteg Missioun vun der Organisation vum Accueil vun den DP'en, am Fachjargon DPI, den Demandeurs de protection internationale, de Mënschen, déi also zu Lëtzebuerg Schutz an/oder Asyl ufroen.

Accueil, dat heescht zum Beispill Accès zu Informatiounen, sozial a juristesche Ennerstëtzung, Hebergement, Liewensmëttel, Aarbecht, Schoul, medezinnesch Versuergung. Domadder gëtt den ONA ee vun de wichtegsten Interlocuteurs fir d'DP'en an hiren éischte Méint hei zu Lëtzebuerg.

Den ONA iwwerhëlt iwwerdeems och d'Gesamtioun vun de Flüchtlingsstrukture vum OLAI. Där Strukturen, wéi scho gesot, gëtt et hei am Moment ëm déi 55 iwwert d'ganzt Land verdeelt, awer, wéi de Marc Angel et jo och scho gesot huet, net flächendeckend, an net all Gemeng ass do proaktiv ënnerwee. Hei gëllt et och, déi Strukturen astand ze halen, betreiend Personal anzustellen, ze forméieren an ze begleeden. An och natierlech d'Zesummenaarbecht mat den Associatiounen, déi um Terrain aktiv sinn ...

All dës Mataarbechter wëll ech op dëser Plaz e grouse Merci soe fir déi Aarbecht, déi se besonnesch an deene leschte Jore geleescht hunn. An zënter 2015, an deene Joren, wou mer vill Flüchtlingen hei op Lëtzebuerg kritt hunn, dass d'Situatioun esou gudd verlaft ass, dat ass hire Meritt.

Wéi schonns gesot, gëtt den ONA beim Ausseministère ugesidelt. Doduerch, dass d'Beaarbechtung vun den Demanduren hiren Dossiere wéi och hir Begleitung an hire Logement ënnert der Kompetenz vun engem eenzege Ministère leien, kënnen mer den Empfang vun de Mënschen, déi bei eis am Land Schutz sichen, weider verbessern. Mir setzen haut ëm, wat mer am Regierungsaccord festgehalten hunn. An ech sinn iwwerzeegt, et ass e Schrëtt zum Gudden fir déi betraffe Mënschen, fir déi de Wee duerch d'Verwaltung elo méi einfach misst ginn.

De Volet Integratioun wäert a Form vun engem eegenen Département - et ass scho gesot ginn - am Familljen- an Integratiounsministère behandelt ginn. Ech si voller Hoffnung, wann ech déi exzellente Besetzung an deem Département gesinn. An et bleift vill ze dinn, fir d'Zesummenliewen zu Lëtzebuerg weider ze stärken.

Här President, mat dësem Gesetzesprojet hoffen ech, dass mer eiser Verantwortung e Stéck méi gerecht gi fir e Lëtzebuerg, wat oppen ass, wou jiddwereen, deen hei leeft, a jiddwereen, deen hei Schutz sicht, gudd a sécher ka liewen. Hei kënnen mer elo no vir kucken an eng Rei Thematiken ugoen. Fir de Volet Accueil denken ech do zum Beispill un den Ausbau vun den Hebergementsstrukturen, well och an dësem Beräich mécht sech d'Logementsproblematik zu Lëtzebuerg spierbar. Mir mussen eis hei am Land esou opstellen, dass mer och an Ausnahmesituatiounen proaktiv an net just reaktiv kënnen handeln an e sozialen a respektvollen Empfang kënnen assureieren.

Fir de Volet Integratioun gesi mir an dësem Gesetzesprojet en Ausgangspunkt, fir zu Lëtzebuerg d'Debatt iwwert d'Zesummeliewen tëschent Netlëtzeburger a Lëtzeburger erëm frësch ungestoussen. Dofir begreisse mir, dass déi Motioun, déi mer deposéiert hunn, am Einverneeme vun eis all, vun de Fraktiounen hei konnt gemaach ginn. Mir ënnerstëtzen an deem Sënn och den Opruff, fir eng breet Debatt ze féieren an eist Integrationsgesetz vun





2008 deementspriedend op de Leescht ze huelen an nächster Zukunft.

Zënter 2008 ass zu Lëtzebuerg vill passéiert: Vill méi Leit, an dat si vill Mënschen „aus aller Härten an Damme Länner“. D'Erausfuenderungen huelen also net of, zemools wa mer wëllen, dass jiddwereen hei kann e gutt Liewen hunn. Mir sinn zu enger internationaler Gesellschaft ginn hei zu Lëtzebuerg. Dat ass eng Tatsaach. Mir si quasi 50:50, wat Lëtzeburger an Netlëtzeburger ugeet, et hänkt just dervun of, aus wéi engem Bléckwénkel een déi Persounen betruecht, déi zwou oder méi Nationalitéiten hunn.

Zënter 2008 hu mer enorm vill Erfahrungswärter kënne sammelen. Ech denken hei notamment un de Contrat d'accueil et d'intégration, d'Aktivitéiten an den Integrationskommissiounen oder méi rezent och de Parcours d'intégration accompagné fir d'Refugiéen. Am Kader vun enger Reform vum Gesetz vun 2008 kënne mer d'Expérience aus diesen Initiativen an Instrumenter opschaffen, se valoriséieren a gemeinsam an engem Plang zu enger proaktiver Politik fir d'Zesummeliewen hei am Land opbereeden.

Heimadder ginn ech dann natierlech och den Accord vun der grénger Fraktioun zum Gesetzesprojet an och zur Motioun.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Margue. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, vun der ADR héiert Der e bëssen eng aner Tounlag zu där Problematik, wéi Der et vun anere Virriedner elo héieren hutt. Et ass fir eis natierlech eng Selbstverständlechkeet, dass déi Leit, déi heihinnerkommen, mussen menschewierdeg an human behandelt ginn. Dat ass e Konsens hei am Land. Dat ass och ganz gutt esou. Et weist d'Qualitéit vun eiser Astellung géintiwuer eise Matmënschen.

Mir denken awer, dass jiddweree muss hei kënnen empfaange ginn, och déi Leit, déi aus aneren EU-Länner oder Drëttstate kommen. Et ass e bësse schued, dass mer hei d'Notioun vum Accueil verkierzen op Bénéficiaire oder Demandeur de protection internationale. Ech mengen, dass ass eng Dimensioun an deem Gesetz, do muss een och kucken: Wat mécht ee fir den Accueil fir all déi aner Leit?

Mir müssen awer och kucken: Dat Gesetz hei huet jo eng Visée, déi vläicht als prominent eraustrëtt, dass ass, fir d'Capacitéit vun de Foyeren ze erhéien. Ech wëll just drun erënneren, dass Lëtzebuerg dat Land ass, wat an der Europäescher Unioun proportionell, no de Mëttelmierlänner, bis elo schonn am meeschte Leit opgehall huet. Dat ass natierlech enorm. An et ass och e Problem, dass mer keng Capacitéiten an de Foyeren hunn, well mer déi Leit, déi an de Foyere sinn, déi dacks Bénéficiaire de protection internationale sinn, net iergendwou anescht logéiert kréien.

An do hu mer en anere Problem, dee sech stellt, dass ass d'Konkurrenz bei de locative Sozialwunnengen tëschent Leit, Residenten, déi scho laang hei eng sichen, a Leit, déi Bénéficiaire de protection internationale sinn, déi sech um Wunnengsmaat och net einfach kënnen abréngen, soudatt mer do an eng ganz schwiereg Situatioun erageroden. Jee méi Leit mer eranhuelen als Demandeur de protection internationale desto méi verstärkt sech dee Problem tendenziell. An dat ass eng Belaaschtung, och fir dat sozialt Zesummeliewen.

Mir sinn als ADR och iwwerzeegt, dass d'Immigratiounspolitik, wéi se vun der Regierung beschriwwen gëtt a bedriwwen gëtt, falsch ass. Well anescht wéi de Spriecher vun der CSV, deem seng Positioun ech awer ganz respektéieren an déi hei eng breet Ënnerstützung krut, denke mir, dass et net realistesch ass, fir keng Uewergrenzen ze setzen, an dass dat laangfristeg eng Rei vu Konsequenzen op eis Gesellschaft huet, Konsequenzen, mat deene mer iergendwa konfrontéiert ginn an déi mer müssen elo mat oudenken.

Dofir soe mir: Asylrecht ass en individuell Recht, zu deem mer eis kloer bekennen. Et ka kee Virwand si fir eng massiv Immigratioun aus haaptsächlech ekonomesche Grënn. An Dir wäert gesinn, dass ëmmer méi Länner an Europa op dee Punkt kommen.

Och de griichesche Premier Mitsotákis huet dat elo nach eng Kéier kloer beschriwwen a kloer ënnerstrach - e Land, wat direkt konfrontéiert

ass mat där Situatioun. Mir müssen och erauskommen aus enger Ofhängegkeet vum Här Erdoğan. De Rapatriement vun de Leit muss eng Prioritéit ginn. Do wou kee Krich ass, müssen d'Leit zrëck. Mir müssen en Droit international public applizéieren, ...

► **M. Roy Reding (ADR)**.- Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- ... an net iergendeppes maachen, wat hei weeder engem internationale Rechtssystem entsprécht nach enger humanitärer Verflüchtung. Déi gëtt et do net.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Kartheiser, den Här Angel wëllt Iech eng Fro stellen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Sécher, gär.

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- Ech hunn den Här Kartheiser vläicht falsch verstanen. Mee insinuéiert hien, dass mir hei Leit géifen Asyl ginn, dass eis Beamtinnen a Beamten an och d'Gerichter, dass mir hei Leit Asyl ginn, déi net ënnert d'Konventioun vu Genève falen? An huet hie vergiess, dass mer och all Joers hei d'Zuele gesot kréie vun den Demandeurs de protection internationale an och vun de Retouren an dass mer och ganz vill Leit, déi keen Asyl - zu Recht - hunn, zrëckschécken an zum Gléck haaptsächlech volontaire Retouren hunn.

Mee hei hunn ech d'Gefill, hie wëllt e Bild molen, wéi wann hei all Mënsch kéint kommen a mir géife keen zrëckschécken. Hunn ech dat falsch verstanen?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Also, d'Äntwert geet net op meng Riedezäit, well ...

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- Jo.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- ... ech muss Iech vläicht e puer Saachen erklären, Här Angel.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Här Kartheiser, Är Riedezäit war gestoppt ginn. Déi ass net weidergelaft.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Mee bei menger Äntwert elo och.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Okay.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Well dass bei dem Här Angel senger Fro gestoppt gëtt, ass jo normal, mee ... Gutt.

Also, fir e puer Wuert kuerz ze soen: Et ass vläicht gutt ze rappelléieren, a wéi enger Situation mer sinn. Et muss een e kloeren Ennerscheed maache bei der Protektioun vun Zivilisten bei bewaffnete Konflikter. Do gëtt et eng Genfer Konventioun, déi dat reegelt. An déi Genfer Konventioun, déi seet, a si seet dat richteg a kloer, dass déi krichsféierend Parteien verantwortlech si fir de Schutz vun den Zivilpersonen an deene Regiounen, wou de Konflikt existéiert. Mir si keng krichsféierend Partei als Lëtzebuerg.

Am Syrien-Konflikt hu mer dee grouse Feeler gemaach, allerdéngs alleguer d'westlech Länner, dass mer déi Flüchtlingslager, déi vum UNHCR an der Géigend, conformément zu der Genfer Konventioun, ageriicht goufen, net genuch ënnerstëtzt haten. Dat ass e Feeler! Eng Léier, déi mer sollten doraus zéien: Mir sollten an de Krisensituatiounen op dëser Welt déi Lager ënnerstëtzen, de UNHCR ënnerstëtzen, fir dass déi Leit net an eng Immigratiounssituatioun müssen erakommen. Well de But ass, dass se sollen zrëck an hir Länner goen, well hir Länner se brauchen. Si brauche se, fir déi Länner erëm opzebauen. Si ginn do méi gebraucht, wéi se hei gebraucht ginn.

Dat Zweet ass d'Asylrechtskonventioun vun 1951. Eng fantastesch Saach, zu där mir eis als ADR komplett bekennen. Awer et ass en Individualrecht fir Leit, déi politesch verfollegt ginn oder aus anere Grënn, déi an der Konventioun stinn, verfollegt ginn - eenzel verfollegt ginn - an déi da kënnen an engem Land oder bei iergendenger Ambassade, oder wéi et och ëmmer ass, Asyl froen. Eng fantastesch Regelung, zu där mir eis vollkomm bekennen.

Mee d'Asylrecht, wéi gesot, dass hunn ech virdu gesot, ass kee Virwand, fir - wat een novollzéie kann - an en anert Land ze goen, fir sech do wëllen eng ekonomesch Existenz opzebauen.

Ech soen net ...

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- Mee déi gi jo dann och zrëckgeschéckt ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Här Angel, et ass elo u mir!

Ech soen net, dass zu iergendengem Zäitpunkt, wa festgestallt ginn ass, dass e Mënsch Schutz brauch, hei, obschonn et net der ursprénglecher Konventioun vu Genève entsprécht, dass dat falsch gewiescht wär. Ech soen awer ganz kloer, dass deen Abléck, an dat ass och Droit international, wann d'Situatioun am Hee-

mechtsland et erlaabt, dass déi Leit zrëckginn, dass se müssen zrëckgoen! Dat ass eng Saach, déi mer müssen duerchzéien, déi net genuch gemaach gëtt: de Rapatriement!

Mir hunn hei eng Reklamatioun gehat am leschte Rapport annuel vum Tribunal administratif, dee sech driwwer opgereegt huet, dass den Ausseminister an 90 Fäll dëst Joer - dat mengen ech, wor d'Zuel - iwwert d'Decisioun vun enger rechtsstaatlech letztinstanzlecher Instanz nach decidéiert huet, dass Leit kënnen heibleiwen.

Bon, an Eenzelfäll, humanitär, wa medezinesch Grënn sinn, kann een dat och nach verstoën. Mee mir müssen einfach erëm an de System kommen, dass mer dat internationaalt Recht applizéieren, well ech Iech soen, dass eis Gesellschaft, an och aner Gesellschaften an Europa, dee System, wéi mer en am Abléck hunn, laangfristeg net aushalen.

(*Interruption*)

► **M. Roy Reding (ADR)**.- Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Dat ass dat, wat ech Iech dozou ka soen.

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- Ech sinn der d'Meenung, dass eis Beamten ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- A wa mer wëllen ...

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- ... an den Asylprozedure sech un d'Gesetzer, un d'Direktiven halen,...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- An, Här Angel, loosst mech ee leschte Saz maachen! Well eis läit ganz ...

► **M. Marc Angel (LSAP)**.- ... déi ënnerschreiw!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Här Angel, loosst mech ee leschte Saz maachen, well en ass wichteg!

Well alleguer heibannen ...

(*Interruption par M. Marc Angel*)

Majo neen, d'Äntwert ... Dir hutt mer eng Fro gestallt, ech äntworten Iech drop.

(*Interruptions*)

An ech äntworten Iech mat engem leschte Saz drop.

Wa mir gär hätten, a mir als ADR hätten dat gär, dass mer eng human europäesch Wäertegesellschaft bleiwen an den Asyl als Rechtsméglechkeet souwuel oprechterhalen an d'Akzeptanz vun der Bevëlkerung fir dat Instrument oprechterhalen, da mussen mer eng Politik maachen an deem Beräich, déi novollzéierbar an akzeptabel ass, an däerfen och net de Leit den Androck ginn, wéi zum Beispill - ech hat dat Beispill vum Wunnengsmaat do virdru genannt -, dass mer an eng Konkurrenzsituatioun mat Leit kommen, déi wirklech Hëllef brauchen an och Hëllef verdéngen.

► **M. Roy Reding (ADR)**.- Très bien !

(*Interruption par M. Marc Angel*)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Ech kommen zrëck op meng Riedezäit. Ech wëll de Kollege vun de Piraten genuch Zäit loossen. Ech mengen, ech hunn eis Positioun kloergemaach.

Mir denken als ADR, dass dëst Gesetz net dee richteg Wee ass. Mir denken, dass mer eng aner Migratiounspolitik solle féieren. A mir wäerten dofir als ADR dëst Gesetz och net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR)**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk)**.- Merci, Här President. No deem Exkurs, dee mer elo héieren hunn, an internationaalt Recht, an Asylprozeduren, a Kommentarer vu Verwaltungsgerichter iwwer politesch Decisiounen, also Kommentarer vun der Judiciaire an Decisiounen vun der Exekutiv, darselwechter Judiciaire, déi sech jo awer nach virdrun an engem Bréif un d'Parlament driwwer beschweiert hat, dass d'Séparation des pouvoirs wannechgelift soll agehale ginn, mengen ech, dass deen heite Punkt, dee mer haut hei diskutéieren, e Fortschrëtt ass.

Et ass eppes, wat de Flüchtlingsrot scho ganz laang gefuerdert huet, nämlech, dass et eng Trennung gëtt oder eng méi effikass Organisatioun vum Accueil vun den Demandeur-de-protection-internationalen. Doréms geet et hei. Iwwert de Wéi-et-dozou-Kënn, wat d'Ursaache sinn, dass iwwerhaapt Leit flüchte müssen, mengen ech, dass ass net de Sujet vun deem Gesetz. Et geet drëm: Déi Leit sinn hei, si brauchen Accueil, mir mussen se accueilléieren. An dat ass déi Situatioun, mat där mer konfrontéiert sinn.

A mir mengen, vum Prinzip hier, dass d'Richtung, déi d'Regierung hei aschleift, déi richteg ass, fir Accueil an Integratioun vuneneen ze trennen a fir domadder dem Accueil wierklech déi Moyenen och zur Verfügung ze stellen, fir méi effikass am Interêt vu jiddwerengem an och am Interêt vun eiser Gesellschaft kënnen ze handelen.

Deen zweete Volet, nämlech deen iwwert dass ministeriellt Departement „Integratioun“, dee Volet, deen do iwwerholl gëtt, dass ass eppes, menge mer, wat och positiv ass, wou et awer, mengen ech, och nach an Zukunft Diskussionsbedarf gëtt, firwat mer och ganz frou sinn iwwert déi Motioun, déi hei elo zum Vott steet an déi och, wann ech dat richteg gesinn, jiddweree matgedroen huet: dass mer wierklech déi Diskussioun mussen féieren en vue vun enger wierklech fundamentaler Reform vun deem Gesetz vun 2008.

Dëst gesot, gi mir als Lénk och eisen Accord zu deemem Gesetz.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Här President, wann een d'Informatiounen vum Gesetzesvorschlag haut zesummefaasst, da kann een einfach soen, dass hei zwee Ministären hiren Aufgabeberäich anescht ënner sech opdeelen. Dës Mesure soll am Interessi vun den ukommende Flüchtlinge sinn. De Volet fir d'Integratioun geet an d'Kompetenze vum Integrationsministère iwwer, fir esou d'Integratioun an engem Beräich ze regroupéieren.

Mir Piraten hoffen, dass d'Ännerungen fir d'Flüchtlingen eng wierklech Verbesserung kënnen duerstellen. Eis Partei ass zënter Joren an enkem Kontakt mat ville Flüchtlingen hei am Land. A loosst mech betounen: Hir Situatioun ass net einfach!

Et kann ee sech schwéier virstellen, wat et bedeit, seng Heemecht ze verloossen, well engem säi Liewen an deene Länner a Gefor ass. Dës Mënschen hunn zu Lëtzebuerg Schutz fonnt, jo, mee si hanken tëschent zwou Welten, wou se als DPI néierens eigentlech higeheieren oder sech higeheierend fillen. Si hanken an engem Klassifikatiounssystem tëschent DPI a BPI a wëssen net, wuer et fir si higeet. Dat ass frustéierend. An hirer Heemecht hu si, laut hirem Gefill, keng Plaz méi, mee an hirer neier Heemecht kréie si hir Plaz nach net zougesprach.

Mir Piraten hoffen, dass dës Gesetzesprojet de Ministären déi néideg Fräiheete gëtt, fir de schwierere Prozess fir d'Flüchtlingen ze vereinfachen. Mir hoffen, dass den ONA derzou bäidréit, d'Zesummeliewen tëschent all den Natiounen zu Lëtzebuerg weider ze verbesseren. An dëser Hoffnung droe mir Piraten dës Gesetzesvorschlag mat.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, d'Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration***.- Villmools Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech nawell gären dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Och Merci all de Virriedner haut.

Wéi 2015 am Hierscht déi Flüchtlingswell ugefaangen huet, dunn huet sech alles extreem do ronderëm konzentriert. An ech muss soen, deen Accueil, dee bereet ginn ass hei zu Lëtzebuerg, net nëmme vun den Autoritéiten, mee och virun allem vun de Benevollen, déi um Terrain aktiv waren, dee war wierklech ganz grouss.

An dat, wat virun allem ganz schéi war, dat war, dass dat immens nohalteg war. Dat war net eng Saach vun enger Woch an dat war net eng Saach vun engem Mount, mee dat hält bis haut un. An d'Integratioun kann nëmme gescheien, wann een déi Populatioun, déi schonn am Land leeft, och kenneléiert a wann ee gesäit, wou ee sech soll integréieren, a wann een dann och dee Moment accueilléiert gëtt.

Et ass ons awer dunn opgefall an där Flüchtlingskris, dass am Fong geholl d'Integratioun vun all deenen, déi net e Flüchtlingsstatut froen, mee déi och hei an d'Land wunne kommen, dass dat e bëssen ze kuerz komm ass. Firwat? Ma well mer ons op d'Flüchtlinge konzentriert hunn, well si eeben dee Moment zu ganz vill komm sinn. Do hu mer vläicht, wa mer nees vun Integratioun geschwat hunn, ëmmer automatesch vu Flüchtlinge geschwat. An dat wollte mer änneren, och well den Terrain an d'Akteure vum Terrain ons dat gefrot hunn: dass d'Flüchtlingen, déi effektiv Demandeurs de protection internationale, aus enger





Hand, an engem Ministère zerwéiert ginn, an dass d'Integratioun eppes vill méi Grousses ass.

Mir wëllen natierlech all déi Leit aus Syrien, Eritrea, a vu wou se och kommen, integréieren. Mee och all déi aner! An et ass haut gesot ginn: Bal 50 % vun der Populatioun sinn Netlëtze-buerger. A mir wuessen zesummen. Well wat ass d'Stärkt vun eisem Land? Ma, d'Stärkt vun eisem Land ass genau dat, dass mer alleguer vu verschiddenen Horizonter kommen, dass mer alleguer vläicht verschidde Sproochen als kleng Kanner geléiert hunn, dass mer verschidde Backgrounden hunn, dass mer vläicht och emol verschidden Nationalitéiten haten, dass mer vu verschiddene Plaze koumen, mee dass mer alleguer zesummen an eng Richtung kucken, nämlech an d'Zukunft vum Lëtze-buerger Land. An ech mengen, dass genau dat och d'Lëtzebuerger Land immens staark mécht, eebe well mer esou villsäiteg a villfältig sinn a well onsen Accueil ëmmer esou gutt funktionéiert huet.

Ech sinn immens houfreg drop, dass mer elo en Departement „Integratioun“ schafen, wou mer vill méi wäit gi wéi just nëmmen d'Flüchtlingen integréieren. Mir hu schonn Instrumenter, déi et scho gëtt: De Contrat d'accueil et d'intégration an de PIA sinn ugeschwat ginn. Mee mir wëllen natierlech weidergoen a mir wëllen et besser maachen. A mir wëllen zesummewuessen hei am Land. Dofir, mengen ech, ass et extreem wichteg, dass mer den Accueil bei d'Immigratioun gi mat dësem Gesetz an dass mer d'Integratioun dann och à part entière traitéieren, fir dann all zesummen eeben d'Integratioun hei am Land kënnen ze maachen.

De Marc Baum huet et gesot: De Flüchtlingsrot huet dat scho ganz, ganz laang gefrot. An ech si wierklech frou, dass et haut dann endlech souwäit ass an dass mer dat kënne maachen.

Ech wollt och vläicht e Wuert zur Motioun soen. Villmools Merci dofir. An dat Wuert, wat ech wollt soen, dat ass: Wa mer dann duersch d'Land zéien a consultéiere ginn an nolauschtere ginn, dann hoffen ech lech zu ganz vill och derbäi ze gesinn, fir dass mer all zesummen nolauschteren an dass mer och all zesumme kucken, wéi mer d'Integratioun hei am Land kënne besser organiséieren, wéi mer d'Leit och kënnen do ofhuelen, wou se sinn.

Well mir hunn elo just an der Heure d'actualité vun den eelere Leit geschwat. Do ass net ee wéi deen aneren. Abee, et ass bei kengem Mënsch bei engem wéi bei deem aneren. Mir hu Leit, déi hei an d'Land kommen, déi ganz, ganz grouss Diplomer hunn. A mir hu Leit, déi an d'Land kommen, déi nach ni an enger Schoul waren. An da kann een net - „one size fits all“ - fir jiddwereen dat nämlecht proposéieren. Mee mir musse Programmer hunn, wou jiddweree sech dran erëmfënnt. Déi eng mussen eebe vläicht éischter eng Sprooch léieren, während anerer vläicht méi séier sech hei kënnen nach besser integréieren. Mir sollten dat all zesummen och ugoen, fir weider an d'Zukunft ze kucken an nach méi staark ze ginn an Zukunft hei zu Lëtzebuerg.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cahen. D'Diskussioun sinn elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7403. Den Text steet am Document parlementaire 7403<sup>8</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7403 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7403 ass mat 56 Jo-Stëmmen bei a 4 Nee-Stëmmen ugeho.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm) et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie

Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

*Ont voté non :* MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motion 1**

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun.

#### **(Interruption par M. Marc Angel)**

Den Här Angel, wannechgelift.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Här President, wann Der erlaabt, wollt ech zur Motioun e puer Wuert soen. Wat eis als Sozialisten an där Motioun och esou gutt gefält, ass, dass vun engem „vivre ensemble“ geschwat gëtt, dass deen ze definéieren ass. A wann ech de Regierungsprogramm kucken an d'Kapitel Integratioun, dat fänkt grad u mat deem Term, dass den „vivre ensemble“ zwëschen all den Awunnerinnen an Awunner vun dësem Land wierklech enorm wichteg ass an dass zu deem „vivre ensemble“ och d'Lutte géint all Forme vun Diskriminéierung gehéiert.

An am Regierungsprogramm steet jo och dran, dass do all déi Kompetenzen, wat d'Antidiskriminéierung ubelaangt, och sollen eng Kéier nogekuckt ginn. Dofir fannen ech, wa mer elo deen Exercice maachen, wéi en hei an der Motioun steet, eng breet Consultatioun mat de Biergerinnen a mat de Bierger a mat de Gemengen, dass mer dann dee Programm vun der Regierung, wat d'Integratioun ubelaangt, bei Hand sollen huelen an, wéi gesot, déi ganz ambitiéis Ziler, déi d'Regierung sech an deem Kapitel ginn huet, fir de Contrat d'accueil et d'intégration ze adaptéieren.

Iwwregens geet deem Term vun „accueil“ net verluer, wéi den Här Kartheiser gesot huet, bei de Leit, déi net Flüchtlinge sinn, well et geet nach ëmmer rieds vun engem Contrat „d'accueil“ an d'intégration. Also, déi Notioun ass nach dran.

An ech mengen, et ass wichteg, dass mer all déi Punkten, déi an deem ambitiöse Programm vun der Regierung stinn, och wéi de Conseil national pour étrangers soll fonctionéieren, diskutéieren an dass mer eis dann Zäit ginn an zesumme mat der Ministesch, zesumme mat de Leit um Terrain Diskussiounen féieren an eis e ganz ambitiéis Gesetz gi fir d'Integratioun, well et eebe fir dat Land, an deem mer liewen, esou e wichtegt Thema ass.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Angel. Dann huet den Här Kartheiser d'Wuert gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Och Merci un den Här Hahn. Ech mengen, hien hat d'Initiativ geholl, fir eis dës Motioun ze proposéieren, an där u sech steet, datt mer mat all Mënsch solle schwätzen an dann eng Politik definéieren. Dat ass eppes, wat mir kënne matdroen, well mer och der Meenung sinn, datt mat all Mënsch soll geschwat ginn, an da soll eebe gekuckt ginn, wéi eng Konklusioun mer doraus zéien.

Ech deelen awer net deen Optimismus, deen hei op ville Plazen ass iwwert d'Integrationspolitik hei am Land. Ech mengen, mir sollte feststellen, datt d'Integrationspolitik een oder vläicht deen Domän ass, wou d'Regierung am meeschte verseet.

Mir héieren d'Madamm Cahen viru Kuerzem soen: „Mir hu geschwënn en Eng-Millioune-Stat“, an dat wär kee Problem - mengen ech, wann ech en Zeitungsartikel richteg an Erënnung hunn, wat si gesot huet. Mee wien „Eng-Millioune-Stat“ seet a weess, zu wivill Lëtzebuerger mer sinn, déi Lëtzebuergesch schwätzen, dee stellt sech jo awer d'Fro: Wat ass d'Plaz vun deene Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen, déi déi Kultur hunn, deen Heritage, an deem zukünftege Lëtzebuerg? Dat ass eng Fro, déi ass eis wichteg, vläicht och nach anere Leit, well mir kee Problem hunn, fir ze soen, datt och mir eng national Identitéit hunn an datt och mir dat Lëtzebuerg vu muer, dat Land vu muer nach wëllen als eist och erkennen.

Integratioun ass fir eis en zentrale politesche Punkt. An et geet net duer, fir Diskriminatiounen ze bekämpfen, mee Integratioun ass eng Saach, déi haaptäschlech ee Programmpunkt muss hunn, well ouni deen ass et keng Integratioun: Dat ass d'Leiere vun der Lëtzebuerger Sprooch, fir datt mer eis all an dësem Land ronderëm eng Sprooch erëmfannen.

Mir kënnen eis et net erlaben - an dat ass och net eng Iddi, déi mir elo hei an d'Welt setzen, d'Madamm Anne Brasseur vun der DP hat déi nach viru Kuerzem an engem Interview, no deem se sech aus der Chamber zrëckgezunn hat, gesot -, dat ass, datt eist Land ëmmer méi a Parallellgesellschaften, elo schonn, leeft. An d'Fro ass: Wéi eng Solidaritéit, déi hei ëmmer genannt gëtt, wéi eng Kohärenz hu mir nach a schwéieren Zäiten, wann dat esou virugeet?

Integratioun ass fir d'ADR eng Prioritéit! Integratioun ass fir eis eppes, wat mer wierklech mengen. A mir mengen, datt dës Regierung bis elo där Aufgab net nokomm ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann huet nach den Här Galles d'Wuert gefrot.

► **M. Paul Galles (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt just derbäisoen: Mir deelen den Optimismus. A grad well an dësem Dialog héchstwahrscheinlech d'Organisatiounen an och d'Gemengen eis wäerte Saache soen, déi eis net gefalen - der Regierung net gefalen an och eis als Chamber net gefalen, an als Parteien net gefalen -, well nach viles ka gemaach ginn, fanne mir, dass et wichteg ass, genau deen doten Dialog ze féieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann huet d'Familljeministesch, d'Madamm Corinne Cahen, d'Wuert gefrot.

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, villmools Merci. Fir d'Éischt emol, well ech elo d'Geleeënheet kréien, wëll ech dann awer deen Zeitungsartikel an de Kontext setzen. D'Fro war op enger Table ronde: « Est-ce que vous avez peur ? » An dunn hunn ech gesot: « La peur n'est pas un sentiment qui me domine. » Dat war da meng Antwort dee Moment. Dat ass dann esou an den Titel gefaasst ginn. Da wësst Der ganz genee, wéi et dee Moment war.

Ech wëll awer dem honorabelen Deputéierte Kartheiser soen, dass mer hei am Land ganz vill fir d'Lëtzebuurger Sprooch maachen. Dës Regierung huet sech och natierlech op de Fändel geschriwwen, dass d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch ass. Mir organiséiere ganz vill Lëtzebuergeschcoursen, déi iwwregens extreem gutt besat sinn, esou gutt besat, dass mer nach weider Lëtzebuergeschcoursen wäerten ubidden.

Well eppes ass sécher: Eng Sprooch ass jo net nëmmen e Kommunikatiounsmëttel. Eng Sprooch ass eng Kultur! Eng Sprooch ass eng Identitéit! Eng Sprooch ass och eng Aart a Weis ze denken. An dofir ass et ons och wichteg, dass déi Leit, déi heihinnerkommen, och wësen, dass mer eng Sprooch hunn, an dass se och, wann et méiglech ass, déi Sprooch léieren.

Parallellgesellschaften, mengen ech, sollte mer onbedéngt evitéieren. An do solle mer alleguer zesummen dru schaffen, fir dass mer eeben zesummewuessen an dass mer ons kenneléieren. Well dat hunn ech an de leschte Jore ganz besonnesch gesinn: Et fäert een dat, wat een net kennt. A mir gesinn dat an deene Gemengen, déi keng Flüchtlingsstrukturen haten. Do waren d'Bierger ganz skeptesch par rapport zu de Strukturen, déi hätte kënne kommen oder déi komm sinn. A wann d'Strukture bis do sinn, dann ass iwwerhaapt kee Problem méi. A wa mer wëllen eng zoumaachen, da soen d'Bierger ons: „Ma neen, si sinn an onse Klibb. Si si bei ons. Loosst ons, wannechgelift, déi Struktur!“

Dat heescht, mir mussen ons kenneléieren. Dat ass am Fong den A an den O. Integrationspolitik ass eppes ganz Wichteges fir d'Zukunft, eppes ganz Wichteges vum Alldag. Well d'Gesellschaft evoluéiert an ännert all Dag.

Mä Integratioun ass net Assimilatioun! Ech wëll datt eng Kéier ganz kloer hei gesot hunn. An dofir muss och jiddweree mat senge Stärkten a mat senge Schwächen esou geholl ginn, wéi en ass, a sech hei am Land eeben dann integréieren. An integréiere geet just, wann och d'Société d'accueil, dat heescht mir allegueren, déi Leit empfänken an hinnen och weisen, wéi mir hei liewen a wie mir sinn.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Cahen. Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott iwwert d'Motioun kommen. Ech ginn dervun aus, datt mer kënnen à main levée ofstëmmen.

#### **Vote sur la motion 1**

Wien ass mat där Motioun d'accord? Deen hieft d'Hand an d'Luucht, wannechgelift.

Wien ass dergéint?

Déi Motioun ass dann domat eestëmmeg ugeholl.



### **14. 7295 - Projet de loi portant approbation de l'Accord concernant l'adoption de règlements techniques harmonisés de l'ONU applicables aux véhicules à roues et aux équipements et pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur les véhicules à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces règlements**

Mir kommen elo zum Projet de loi 7295, engem Accord iwwert UNO-Reglementer, iwwer eng Rei technesch Harmoniséierungen. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Max Hahn, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back.

Här Back, Dir hutt d'Wuert.

#### **Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi 7295 geet et ëm eng Verdeiung vun der internationaler Harmonisatioun vun den technesche Reglementer am Beräich vun der Automobilindustrie. Den Titel ass och: « Projet de loi portant approbation de l'Accord concernant l'adoption de règlements techniques harmonisés de l'ONU applicables aux véhicules à roues et aux équipements et pièces susceptibles d'être montés ou utilisés sur les véhicules à roues et les conditions de reconnaissance réciproque des homologations délivrées conformément à ces règlements ».

Dir gesitt direkt am Titel, ëm wat datt et geet. D'Harmonisatioun fënnt hiren Ursprung an engem UN-Accord vun 1958, deem Lëtzebuerg am Joer 1971 bäigetrueden ass a wou et, vereinfacht gesot, ëm d'Konditiounen fir géigesäiteg - dat Wuert „géigesäiteg“ ass hei wichteg - Unerkennunge vun techneschen Homologatiounen am Automobilberäich geet.

Dësen Accord, deen ënnert der Responsabilitéit vun der Commission économique pour l'Europe vun der UNO fonctionéiert, gesäit e System vir, deen et erlaabt, technesch Reglementer an e Weltregëster anzeschreiwen.

Den Accord vun 1958 gouf eng éischte Kéier 1967 amendéiert, fir sâi Champ d'application ze vergrësseren. Eng zweete Kéier gouf en 1995 geännert, fir datt och d'Communautéite vu Länner, esou wéi zum Beispill d'EU, konnten adheréieren. An déi drëtt grouss Ännerung gouf 2017 adoptéiert an ass elo den Objet vum haitege Projet de loi.

Déi dräi Haaptziler vun dëser weiderer Revisioun waren:

- 1) d'Attraktivitéit vum Accord vun 1958 weider ze vergrësseren,
- 2) d'Prozedure vun der Elaboratioun vun de Reglementer an den Homologatiounen ze verbesseren, an
- 3) d'Afféierung vun enger grësserer Souplesse vun de Bestëmmungen.

Méi detailléiert Informatiounen zu dëse wichtege Ännerungen am Accord fannt Der a mengem schrëftleche Rapport, deen Der all virleien hutt.

Vu datt mir och zu Lëtzebuerg an dem Beräich vun de motoriséierte Gefierer homologéieren, ass et noutwendeg, datt Lëtzebuerg och dës drëtt Revisioun vum UN-Accord vun 1958 ëmsetzt.

De Projet de loi ass den 30. Abrëll 2018 deposéiert ginn. De Statsrot huet de 25. September 2018 sâi favorablen Avis dozou ofginn. An hirer Sëtzung vum 3. Oktober 2019 huet d'Kommissioun de Rapport zum Projet, deen lech virläit, ugeho.

An ech géif och heimat den Accord vun eiser grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Back. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

#### **Discussion générale**

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem Rapporteur, dem Här Back, villmools Merci ze soe fir sâin detailléierte Rapport. Hie